



Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, an der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, Yuriko Backes, op d'parlamentaresch Fro Nr. 4589 vun der honorabeler Deputéiert Diane Aehm

1. Wéi vill Apprenante sinn aktuell an der ENAD ageschriwwen? Wéi vill Kandidature konnten an de Schouljoren 2024/2025 an 2025/2026 net geholl ginn, a wéi vill dovunner wéinst feelende Plazen, Personal oder Infrastrukturen?

Am Schouljoer 2025/2026 waren 884 Apprenanten an der ENAD ageschriwwen. D'Aschreiwunge fir d'Schouljoer 2026/2027 sinn nach net ofgeschloss.

Insgesamt goufen am Schouljoer 2024-2025 208 Refusen ausgesprach, am Joer 2025-2026 waren et der 181.

Vun deene Kandidaten, déi net konnten ugeholl ginn, wollte sech der 101 (2024-2025), respektiv 79 (2025-2026), op eng Klass vun der Formation initiale vum ESC oder ESG, respektiv op eng Classe d'intégration jeunes adultes (CLIJ) aschreiw.

Weider konnten am Joer 2024-2025 107 Kandidaten net an d'Formatioun vum Diplôme d'accès aux études supérieures (DAES) ugeholl ginn, am Joer 2025-2026 louch dës Zuel bei 102 Kandidaten.

D'Refuse goufe majoritär ausgesprach well d'Kandidaten déi schoulesch Voraussetzungen net erfëllt hunn oder hirer Demande keng Suite méi ginn hunn; a fënnef Fäll just waren all Plazen op der viséierter Klass besat.

An der Formatioun *Educateur en alternance* (GEA/SGEA) konnten all Kandidaten, déi d'Konditiounen vum Accès an d'Formatioun erfëllen, a béide Schouljoren ugeholl ginn.

An de Formatiounen, déi am Régime vun der Erwuesseneleier (*Apprentissage adulte*), organiséiert ginn, hëlt d'ENAD all Kandidaten un, déi bis de jeeweilegen 31. Oktober e Patron fonnt hunn an iwwert eng Carte d'assignation vun der ADEM verfuegen. D'Organisatioun vun dëser Formatioun stellt eng grouss Erausforderung um Niveau vun de Ressourcen a fir d'Plang vun der Schoulorganisatioun duer.

2. Kënnen d'Minister en Iwwerbléck iwwert déi aktuell Standuerter ginn? Wéi eng dovunner sinn der ENAD dauerhaft zur Verfügung gestallt a wéi eng gi just provisoersch genotzt?

D'ENAD ass aktuell op folgend véier Standuerter verdeelt:

- Gebai F - Site « Terres Rouges » – 1, rue de la Fonte, L-4364 Esch-Belval (dauerhaft)
- Site « High Five » (Mercator) – 112, route d'Arlon, L-1150 Luxembourg (provisoersch)
- Site « Blumm » (Geesseknäppchen) – 17, rue Marguerite de Brabant, L-1254 Luxembourg (provisoersch)
- Site « Kräizgrënnchen » – 56, Val Sainte-Croix, L-1370 Luxembourg (provisoersch)

3. Wéi huet sech de Projet vum definitive Site um Kuebebiërg zanter 2024 entwéckelt?

Am Kader vun der Ausschaffung vum Plan d'aménagement particulier – nouveau quartier „Kuebebiërg“ (PAP NQ „Kuebebiërg“) goufen d'Contraintë vum Terrain fir d'ENAD an de Service de la formation des adultes (SFA) definéiert.

Eng theoretesch Volumetrie vum neie Gebai gouf am grafeschen Deel festgehalen, während am schrëftlechen Deel, déi entspriechend Baucontraintë festgeluecht goufen.

Parallel zu den urbanistesche Geneemegungsprozeduren déi aktuell amgaange sinn, wäert eng Ausschreiwung lancéiert ginn, fir eng Planungséquipe mat der Weiderentwécklung vum Projet ze mandatéieren.

4. Wéi eng Moossname wäert d'Regierung bis zur Fäerdegstellung vum definitive Site huelen, fir genuch Plazen a gläichwäerteg Léier- an Aarbechtsbedéngungen op alle Standuerter ze garantéieren?

Unhand vun enger effizienter Organisatioun vun den aktuelle Standuerter, gëtt versicht zousätzlech Capacitéiten ze schafen. Sollt sech e weideren Besoin erginn, wäerten weider provisoersch Capacitéiten fir d'ENAD ageriicht ginn

Lëtzebuërg, de 7. Oktober 2026

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH